


Komesch Patréiner

(1936-1951)

Sonndes geet den Elio mat séngem Papp op de Futtball. "Kuck den Arbitter!" seet den Cesare. "Dee Schwaarzen!" Den Arbitter as dem Cesare Mascarot-

Roger Manderscheid



ti sái Kolleg aus der Galerie. All fénnef Minutte rifft den Cesare: "Elio, kuck den Arbitter!" Den Elio léiert, iwwert dem ganze Mätsch némmen op den Arbitter ze biichten. Déi 22 Spiller si jhust komesch Statisten, déi um Wues en drolegt Gerenns a Geplos opféieren, eng wéll Juegd vun engem Gol bei deen aner an nees zréck. "Firwat laachs de?" freeet den Cesare. "De Ball!" kickelt den Elio. Hie ka séngem Papp dat nét richteg erklären. Hie fénnt et bosseg, wéi all déi Leit émmer némmen dem Ball nokrossen a wéi besiess mam Fouss draknuppen. "Hues de gesin, den Arbitter?" rifft den Cesare. Dann hält den Elio op mat Laachen a konztréiert séch nees op den Arbitter. Dat as wéinstens derwäert. Den Arbitter mécht bei deem topege Geditz a Gehetz rondërem de Ball guer nét mat.

Hie rennt och nét wéi en Halwerweis hin an hir. Béckt de Kapp nét wéi e Stéier, dee séch op d'rout Duch geheit. Flitt nét an de Bulli, facht nét vu Roserei mam Tallek Fatzen aus dem Gras. Den Arbitter as wonnerbar roueg. Hie schwieft iwwert den Terrain. Hieft d'Ärem, wéi wa se Flilleke waren. Dréint op den Zéi-wespätzeng eng Pirouett wéi en Dánzer. Dabbert op eemol hannerécks mat enger onheemlecher Vitess! Pucht séch ni an d'Gewulls. Steet émmer op der Sait, wann d'Spiller séch grad wéinst dem Ball zerfuppen. Roueg op der Sait. Hien hopst am Hallefkrees rondërem dee sturazegen Trapp, liicht, kuckt iwwerdeems och nach op séng Auer, wéi báilefeg, ruddert mam Aarm, "weider! weider!", wéi d'Spiller séch op eemol mat Hänn a Féiss aneneeverkrämpft hun. Wa sou eng Knujhel nét vum selwe lasspréngt, päift den Arbitter schaarf an hieft den Aarm an d'Lut. Pouricht steet hien um Terrain. Weist mam Fanger d'Wollécken iwwert der Stad a léisst aus sénger Päif dee schéinsté Kreesch sprangen. D'Spiller maache séch no alle Säiten ewech. Keen as sou kéng, iwwert den Arbitter ze maulen. Keen as sou kéng, dem Arbitter och némmen eng quokeleg Grimass ze schneiden.

Nom Mätsch humpelen d'Spiller zréck an d'Kabinnen. Dat as nöt schéin ze kucken. Si gesin eraus wéi no enger Kläpperei. Déi eng hun d'Hiemer zerrass, déi aner d'Lasticker an de Strëmp verluer. Ee kippt mam Fouss stänneg ém, well e Bélles aus dár anerer Equipe him de Schung vun der Fiescht erofgetrëppelt huet. Een aner blutt aus der Nues. Hie fiirt séch mat der bluddeger Hand iwwert d'Stir, fir de Schweess ewechzereien. Dee roude Saft drépst iwwert d'ganzt Gesicht. Déi zwee Goolkipper si vun uewe bis ënne mat Bulli begladdert. Dräi Meter virum rietse Gol steet éiweg e Waasserpull. Deen dréchent souguer am déckste Summer nöt aus. Kee Mensch weess, wou dat Waasser hiirkënnt (laang nom Krich, wéi se de Futballsterrain mam Bagger opgerappt hun, fir Appartementshaiser dropzebauen, hu s'er-ausfonnt, datt énnert dem Gol erduerch eng al Waasserleitung gelaf as, déi jhust op dár Platz gerass war a stänneg gesítert huet). Dee Pull virum rietse Gol as am ganze Land bekannt. All d'Goolkipper, vum Eislek bis erof an de Minett, bekräizege séch, wann e Mätsch op deem Terrain ugesot as. Si strëppe séch alt gläich en zwete Läpp iwwert den Tricot. Well et as sou sécher wéi Amen am Gebied, datt de Goolkipp iwwert dem Mätsch d'Fassad gemaach kritt.

All Kéier, wann e Spiller mam Ball an de Stroofraum fatzt, weess de Goolkipp, wat op hien duerkénnt. Well et léisst kee Balltrëppeler séch de Spaass entgoën, mat zwee Féiss an de Pull ze sprangen, datt et sprutzt bis iwwert déi iéwescht Lat vum Gol. Dack huet de Goolkipp no sou engem expressege Spronk dár Bullisflaatschen an d'Aë kritt a ka jhust nach blann rondéerem séch fachen. De Spiller huet da wonnerbar Zäit, de Ball gemitterlech iwwert d'Goollinn ze schären. Méi wéi ee Goolkipp verléiert duerop d'Nerven an hault wéi e Wollef an enger Vollmound-nuecht. Een huet souguer eng Kéier séng Goolkippskap an d'Waasserlach geklaakt, séng Händschén hannert de Gol an de Pesch gejhummt, an as matzen an der zweter Halschent sénger Wee gaang.

D'Arbitter probéieren, de Spiller déi Naupen auszé-dreiwen. Virum Mätsch kréien d'Stiermer ageschä-ärt, schéin e Bou rondérem d'Waasserlach ze maachen. Soss géife s'e Concert héieren op dem Ar-bitter séngem Instrument. Mee da laachen d'Spiller nämnen. Well néirens am Réglement steet geschri-wen, et wär verbueden, de Ball duerch e Pull ze rullen. Et päift och ni en Arbitter, wann et am Waas-serlach dauscht. Zevill gär géife s'eng Regel aus dem Hutt zauberen, fir dem Bulliskrich en Enn ze maachen. Déi Häre vum Futballverband kommen och alt den Terein inspizéieren an dreën dem Veräin, d'Equipe géif fir e ganzt Joér gespaart, wann dat Waasserlach nöt de Sonnden drop verschwonn wär. Da gin e puer Schubteimere mëlle Suebelbuedem an d'Lach geschott a festgetrëppelt. Mee sonndes glén-nert d'Bulliszopp nees virum rietse Gol.

Nom Mätsch humpelen d'Spiller gepierpelegt, ge-strummt an zerschannt zréck an d'Kabinnen. Als leschte kénnt den Arbitter iwwert d'Mëttellinn geschréckt. Op der flaacher, rietser Hand huet hien de Ball leien. Ee vun den Assistenten huet de Ball fir 't éischt un engem Putsch Gras proppergeriwwen, ir den Arbitter e gereecht krut. Op dem Arbitter sénger schwaarzer Uniform entdeckt den Elio kee Fleck, kee Rass, mol keng falsch Fal am Stoft. Den Arbitter klémmt aus dár Bullisschluecht eraus, wéi wann hie fréesch vum Coiffeur kéim. "Gutt, Menn!" rifft den Cesare, an den Arbitter wénkt ganz liicht mat zwee Fangere vun der lénker Hand. Dem Elio säin Häerz hummert bis erop an den Hals. "Has de gesin, den Arbitter?" seet säi Papp a klappt him op d'Schëller. Mat zéng Joer seet den Elio zu séngem Papp: "Ech gi gär Arbitter!" Den Cesare laacht a seet: "Fir 't éischt léiers de mol schaffen!"

Guy Rewenig

Extrait aus dem neie Roman "Grouss Kavalkad", Editions Phi, 270 Säiten, 850 F, 1. Oplo (1 000) März 1991, 2. Oplo Juni 1991